N°109 FEBRUAR 2022

# Stenge forter Neiegkeeten

ISSN 2535-9177



COMMUNE DE STEINFORT

# Virwuert
# Préface

COMMUNE DE STEINFORT

**Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

An ären Hänn haalt dir déi aktuell Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten, mat engem flotte Réckbléck op 2021. D'lescht Joer war an der Gemeng Stengefort e Joer vun der Verännerung. Bedéngt duerch d'COVID-Pandemie hu mir eise Kulturprogramm missten upassen an op Expoen an Aktivitéiten am Fräie setzen. Genotzt hu mir awer och d'Zäit fir nei Projeten op d'Been ze stellen. Mat „Musek am Park" a „Summer um Weier" ass et eis dorëms gaangen iech alleguerte flott Momenter an ärer Gemeng z'erméiglechen. Eisen traditionelle Chrëschtmaart konnte mir zum Gléck no engem Joer Paus an enger neier Form am wonnerschéine Park vun der Villa Collart ofhalen.

Nieft de kulturellen Neierungen huet sech am Hierscht vum Joer awer och e Wiessel um Buergermeeschterstull ugedeit. No dem Guy Pettinger senger Demissioun hunn ech déi grouss Éier kritt mech als Buergermeeschter an den Déngscht vun der Gemeng Stengefort ze stellen. A menger Zäit als Schäffen um Guy senger Säit hunn ech d'Chance gehat vill ze léieren an dofir wëll ech op dëser Plaz him och besonnesch Merci soen.

D'Gemeng Stengefort steet viru groussen Erausfuerderungen an et wäert mir eng Freed sinn, zesumme mat de Gemengeservicer an iech alleguerten dës unzegoen. Nieft dem Instandsetze vun de Stroossen, Neibau vun de Sportsinfrastrukturen, wäerte mir am Laf vun dësem Joer d'Pläng vum neie Centre Culturel presentéieren. D'Sécherheet fir Foussgänger a Vëlofuerer leien eis besonnesch um Häerz an dofir wäerte mir kuerz- a mëttelfristeg Pläng zur Verbesserung op den Dësch leeën, souwéi nei Moossname fir d'Liewensqualitéit an eise Quartieren erop ze setzen. Iwwert ënnert anerem dës Projete wëlle mir als Schäfferot an den nächste Méint mat iech diskutéiere fir gemeinsam déi beschte Léisunge fir Stengefort ze fannen.

Bis dohi wënschen ech iech awer elo eng flott Lektür vun eisem Magasinn.

Bis geschwënn,

Sammy Wagner, Buergermeeschter

**Chères Concitoyennes, chers Concitoyens,**

Entre vos mains, vous tenez l'édition actuelle du magazine « Stengeforter Neiegkeeten » avec une rétrospective de l'année 2021. L'année dernière a été une année de changement pour la commune de Steinfort. En raison de la pandémie de COVID, nous avons dû adapter notre programme culturel et opter pour des expositions et des activités en plein air. Nous avons profité de ce temps pour mettre de nouveaux projets sur pied. Avec les événements « Musek am Park » et « Summer um Weier », l'objectif était de vous faire vivre de bons moments dans votre commune. Par ailleurs, après une courte pause d'un an, nous avons pu de nouveau organiser notre traditionnel marché de Noël, sous une autre forme, dans le magnifique parc de la Villa Collart.

Outre les nouveautés culturelles, un changement au niveau du collège des bourgmestre a également été annoncé en automne 2021. Après la démission de Guy Pettinger, j'ai eu le grand honneur de me mettre au service de la commune de Steinfort en tant que bourgmestre. Au cours des années en tant que deuxième échevin aux côtés de Guy, j'ai pu apprendre beaucoup de choses et je tiens à l'en remercier tout particulièrement.

La commune de Steinfort est confrontée à de grands défis et je me ferai un plaisir de les relever ensemble avec les services communaux ainsi qu'avec tou.te.s les citoyen. ne.s. Outre la réfection des routes et la construction de nouvelles infrastructures sportives, nous présenterons également dans le courant de l'année les plans du nouveau centre culturel. De plus, nous accordons une grande importance à la sécurité des piétons et des cyclistes, c'est pourquoi nous mettrons sur la table des mesures et des plans d'amélioration à court et moyen terme, ainsi que des mesures visant à améliorer la qualité de vie dans nos quartiers. C'est entre autres sur ces projets que nous voulons, en tant que collège des bourgmestre et échevins, discuter avec tou.te.s les habitant.e.s au cours des prochains mois afin de trouver ensemble les meilleures solutions pour la commune de Steinfort.

D'ici là, je vous souhaite une bonne lecture de notre magazine.

À bientôt,

Sammy Wagner, Bourgmestre

# INDEX

*What's Inside?*


**Services communaux**

**2** Mir stelle vir: Service Écologique
**3 - 4** Bienvenue: Nei Mataarbechter

**Reportage**

**5 - 7** Den neie Buergermeeschter
**8 - 11** Merci Guy

**Culture & Loisirs**

**12 - 13** Derrière les chiffres
**14 - 15** Nationalfeierdag
**16 - 17** Musek am Park
**18** Kiermes Klengbetten
**19** Kiermes Stengefort
**20 - 21** Aktikulti - Konschtausstellung am Park
**22 - 23** Summer um Weier
**24 - 25** No 30 Joer: Récktrett vum Nico Kaufmann
**26 - 29** En Dag bei der Baach
**30 - 31** Aus der Integrationskommissioun
**32** Annonce: Lokal Chronik N° 109 & N° 110
**33** Billerwee
**52 - 53** Elephant Parade
**59** HistoSchool
**60 - 63** Stengeforter Chrëschtmaart

**Mobilité et Environnement**

**34 - 35** Grouss Botz
**36 - 37** Neues Amphibien-Paradies: Dräi Brécken
**38 - 39** Schoulgäert
**42 - 43** Fairtrade Kaffi
**44 - 47** Fairtrade Rezepter
**50 - 51** 1 Joer am Amt als Fierschter
**54 - 57** Skoda Tour - Steinfort
**58** Inauguration de la station d'épuration transfrontalière de l'Eisch Amont
**64** Ali Mouk Heck
**65** Den Dag vum Bam

**40 - 41** Poster
**66 - 69** Dëslescht an eiser Gemeng

**Histoire**

**70** Erënnerung un al Haiser
**71 - 80** Deemools an der Stengeforter Gemeng


**Februar 2022**

# MIR STELLE VIR:

## SERVICE ÉCOLOGIQUE



Julie Even

Säit Mee 2021 gëtt et an der Administratioun vun der Gemeng Stengefort ee Service Écologique. Dëse Service beschäftegt sech mat der Fro: „Wéi kënne mer nohalteg liewen, sou datt eis Äerd a seng Ressourcen an eis Ëmwelt geschützt ginn an nach fir déi kommend Generatiounen do ass?". Mam Fokus op Aktiounen a Verhalensweisen déi eis Natur, Ëmwelt an hier natierlech Liewensraim erhalen a verbesseren, beréit a sensibiliséiert de Service Écologique d'Bierger an d'Gemeng an hirem Handelen an an hiren Decisiounen.



**Zu den Aufgabe vum Service gehéieren ënner anerem:**

- Berodung a Sensibilisatioun vun de Bierger
- Informatioun an Ëffentlechkeetsaarbecht (Facebook, Gemengebuet etc.)
- Berodung op Ufro
- Organisatioun vun nohaltegen Aktiounen, z. B. den Dag vum Bam
- Berodung a Sensibilisatioun vun de Gemengenaarbechter
- Naturpakt: Berodung an Ëmsetzung vu Mesuren am Naturschutz
- Klimapakt: intern Kontaktpersoun, zesumme mam externe Klimaberoder
- Natierleche Gringflächemanagement fir méi Biodiversitéit an Duerf a Stad
- Kontaktpersoun fir Naturschutzorganisatiounen
  (Klimabündnis, Ëmweltberodung Lëtzebuerg, SICONA etc.)

# BIENVENUE



**JULIE EVEN**
Département technique
(Service Écologique)



**MARC MOLLING**
Département technique
(Service Informatique)



**STEVE PLETSCHETTE**
Département technique
(Service Régie - Électricien)



**MARYSE NENNIG**
Département administratif
(Service Relations publiques)




**YANNICK MIRANDA DUARTE**
Département d'ordre public
(Garde champêtre & agent municipal)

Le personnel de la Maison Relais pour enfants de Steinfort est présenté chaque année dans notre publication « De Kannerbuet » qui est distribuée à tous les ménages au mois d'avril.

*Afin de respecter les droits et libertés de notre personnel dans le cadre du règlement général sur la protection des données, cette liste n'est pas exhaustive.*



**VANESSA DOS SANTOS**
Département technique
(Service hygiène)



**VANIA ALMAIDA CONCEICAO**
Département technique
(Service hygiène)



**SANDRA DE OLIVEIRA ABRANTES**
Département technique
(Service hygiène)



**ANGELICA TOBAR ROSA**
Département technique
(Service hygiène)



**CÉLIA ROCHA**
Département technique
(Service hygiène)



**PASCALE SCHORTGEN**
Département technique
(Service hygiène)



De Sammy Wagner (LSAP) huet sech säit Oktober 2021 der Erausfuerderung als Buergermeeschter vun der Gemeng Stengefort ugeholl. Keng einfach Aufgab fir de jonke Politiker deen zanter 2017 2. Schäffe war. Den neie Buergermeeschter gesäit seng nei Aufgab als Challenge, déi hie mat vill Power a Motivatioun ugeet.

# DEN NEIE BUERGER-MEESCHTER

# LE NOUVEAU BOURG-MESTRE

Mee wat mécht de Buergermeeschter, wann e sech grad net ëm d'Gemeng këmmert? Well net nëmmen als Gemengepapp ass de Sammy Wagner ambitiéis an aktiv. Dofir beäntwert hien eis déi eng oder aner Froen.

Sammy Wagner, membre du parti LSAP, a relevé le défi en octobre 2021 de revêtir l'écharpe de bourgmestre de la commune de Steinfort. Tâche délicate pour un jeune politicien devenu échevin en 2017. Le nouveau bourgmestre voit son nouveau mandat comme un challenge, qu'il compte accomplir gonflé d'énergie et de motivation.

Mais que fait le bourgmestre en dehors de ses tâches communales ? En effet, Sammy Wagner a également d'autres ambitions et d'autres activités en parallèle. Il répond à nos questions sur ce sujet.

**Wéi géngt Dir Iech an e puer Wierder beschreiwen? Comment vous décririez-vous?**

Idealistesch, zilstrebeg a bereet nozelauschteren ouni dobäi de Leit nom Mond ze schwätzen. Heiansdo ze emotional, haartnäckeg a fuerchtbar ongedëlleg.

Idéaliste, déterminé, attentif et authentique vis-à-vis de mon interlocuteur. Parfois trop émotionnel, têtu et terriblement impatient.

**Wéi géif Dir d'Gemeng Stengefort an e puer Sätz erklären? En quels termes décririez-vous la commune de Steinfort?**

D'Gemeng Stengefort ass fir mech eng Gemeng déi vill ze bidden huet. Sief et d'Relikten aus vergaangenen historeschen Zäite wou hei nach eng Schmelz war oder och déi vill flott Trëppelweeër duerch eist d'Noerhuelungsgebitt. Duerch déi gutt Ubannung un d'Stad sinn engem als Awunner och keng Grenze gesat wat d'Fräizäitgestaltung ubelaangt.

D'Erausfuerderung wäert an Zukunft sinn, déi héich Liewensqualitéit ze erhalen an do anzegräife wou et néideg ass. Hei denken ech virun allem un d'Verkéiersproblematik oder nach d'Moderniséierung vun eisen Infrastrukturen.

La commune de Steinfort est pour moi une commune qui a beaucoup à offrir, que ce soit au travers des reliques de notre passé sidérurgique laissées par notre ancienne fonderie ou bien des nombreuses et belles promenades au fil de notre zone de récupération. Grâce à l'accessibilité à la capitale, le choix offert aux résidents en matière d'activités et de loisirs est illimité.

Le défi sera à l'avenir de maintenir la qualité de vie et d'intervenir si nécessaire. Je pense ici notamment à la problématique du trafic ou bien encore à la modernisation de nos infrastructures.

**Wéi gesäit en normalen Dag an Ärem Liewen aus? À quoi ressemble une journée classique du quotidien ?**

En normalen Dag, wat ass dat? De Spagat, tëschent Schoulhalen, Buergermeeschterposten a privaten Obligatioune suergt dofir dass keen Dag wéi deen aneren ausgesäit. Mee ech zielen zu deene Leit déi am Stress zur Beschtform oplafe kënnen, och wann et emol un d'Limitt vun deem geet wat gesond ass.

Une journée classique, c'est quoi ça ? Le fait de répartir mon temps entre mes salles de cours, mon rôle de bourgmestre et mes impératifs privés contribue à ce qu'aucun jour ne se ressemble. Fort heureusement, je fais partie des gens qui tirent profit des situations de stress, même lorsque celui-ci atteint la limite du raisonnable.

**Wat maacht Dir an Ärer Fräizäit am léifsten als Ausgläich zu den alldeeglechen Erausfuerderungen? Quelle est votre activité préférée dans votre temps libre vous garantissant un certain équilibre pour relever vos défis quotidiens ?**

Lafen, Vëlofueren oder mam Hond spadséiere goen. Et gëtt näischt besseres fir de Kapp fräizekréien.

La course à pied, le cyclisme ou les promenades avec mon chien. Rien de tel pour se changer les idées.

**Dir sidd Physiksproff; Wat huet Iech am meeschten un Ärem Beruff faszinéiert? Vous êtes également professeur de physique au lycée. Qu'est-ce qui vous a principalement attiré dans votre profession ?**

D'Physik u sech ass einfach faszinant an erméiglecht engem villes am Liewen, och iwwert d'Wëssenschaft eraus, ze verstoen. Wéi ech d'Méiglechkeet kritt hu meng Begeeschterung u Jonker weider ze ginn, war et kloer dass ech déi ergräifen.

La physique en elle-même est tout simplement fascinante et permet de comprendre beaucoup de choses dans la vie au-delà de la science. Quand l'opportunité m'a été donnée de transmettre ma passion aux jeunes, il était naturel que je la saisisse.

**Wat géing Dir Ärem Jonken Ech mat op de Wee ginn, wann dir dat maache kéint? Quel message feriez-vous passer à l'adolescent que vous avez été, si vous en aviez la possibilité ?**

Eigentlech näischt. Mäi jonken Ech hätt souwisou net op mech gelauschtert, nolauschteren hunn ech eréischt vill méi spéit geléiert. Ech sinn och der Meenung, dass jiddereen säin eegene Wee fanne muss. Vläicht wär et als Gesellschaft wichteg, dass mir jidderee seng positiv an negativ Erfarunge maache loossen. Et si schliisslech déi, di eis ausmaachen.

En fait, rien. L'adolescent que j'étais ne m'aurait de toute façon pas écouté. Ce n'est que bien plus tard que j'ai appris à écouter. De plus, je suis d'avis que chacun doit trouver sa propre voie. Il serait peut-être important pour la société que chacun fasse ses propres expériences, positives comme négatives, car ce sont elles qui nous façonnent.

**Wat wënscht Dir Iech fir d'Zukunft vun der Gemeng? Que souhaitez-vous pour l'avenir de la commune ?**

D'Gemeng Stengefort vun der Zukunft, ass eng Gemeng mat héijer Liewensqualitéit an de kuerze Weeër. Eng Gemeng wou jonk an al gären zesummeliewen a sech zu Fouss a mam Vëlo deplacéiere kënne fir hiren Alldag ze bewältegen. Eng dynamesch Gemeng déi net stoe bleift an déi ech wëll zesumme mat allen Awunner weiderentwéckelen ouni de Charakter „vun der Gemeng am Gréngen" opzeginn. Eng fortschrëttlech Gemeng, mat modernen Infrastrukture wou ee gären hinzitt fir seng Kanner grouss ze zéien, well ee vu gudde Schoul- a Betreiungsstrukture souwéi engem flotte Fräizäitangebot profitéiere kann. Zougläich soll Stengefort fir mech awer och eng Plaz sinn, wou een am Alter gäre wunne bleift, well een all déi néideg Servicer ugebuede kritt, souwéi flott Kultur- a Fräizäitaktivitéiten.

À mes yeux, la commune de Steinfort du futur est une commune avec un certain confort de vie dans l'immédiat. C'est une commune dans laquelle petits et grands vivent en harmonie et ont la possibilité de se déplacer à pied et à vélo au quotidien. C'est aussi une commune dynamique qui ne reste pas statique et que je souhaite développer avec tous ses habitants sans renoncer à son côté « ville-campagne ». C'est une commune progressiste, avec des infrastructures modernes, dans laquelle on a envie d'emménager pour y élever ses enfants, où l'on peut bénéficier de bonnes structures scolaires et périscolaires ainsi que d'une large gamme de loisirs.
En même temps, Steinfort doit être pour moi un endroit où l'on apprécie de vivre ses vieux jours, car tous les services adéquats ainsi qu'une palette de belles activités culturelles et de loisirs y sont à disposition.


**Wou gesitt Dir Iech an 10 Joer? Où vous voyez-vous dans 10 ans?**

Schwiereg Fro, well ech net sou laang am Viraus plangen. Ech hunn nach vill Projeten déi ech gäre géif realiséiren. En Dram vu mir ass et ëmmer nach mech selbststänneg ze maachen an meng eegen Entreprise ze grënnen.

Question difficile, car je ne planifie pas volontiers si longtemps à l'avance. Il me reste encore beaucoup de projets qui me tiennent à cœur à réaliser. Un de mes rêves est de devenir indépendant et de fonder ma propre entreprise.

# DE BUERGERMEESCHTER
# SAMMY WAGNER GANZ PRIVAT

**Wéi eng dräi Géigestänn géngt Dir mat op eng verloossen Insel huelen? Quels sont les trois choses que vous emporteriez avec vous sur une île déserte ?**



En Täschemesser fir mir eng Hütt ze bauen, eng éischt Hëllefs-Këscht falls ech mech bei der Aufgab géif verletzten a vläicht eng Gittar géint d'Langweil. Op der Insel hätt ech dann emol endlech Zäit mir dat Instrument bäizebréngen.

Un couteau de poche pour me construire une cabane, une trousse de secours en cas de blessure en bricolant et peut-être une guitare pour tromper l'ennui. Sur mon île, j'aurais alors enfin le temps d'apprendre à jouer de cet instrument.

**Wann Dir en Déier wäert, weieen Déier wär dat?**
**Si vous étiez un animal, lequel seriez-vous ?**



Eng Bei. Ofgesinn dovunner dass ech dann e wichtege Bäitrag fir d'gesamt Biodiversitéit géif leeschten, ass mir den Asaz am Interesse vun der Ekipp wichteg.

Une abeille. Outre le fait de contribuer activement à la biodiversité dans son ensemble, mon engagement dans l'intérêt collectif est pour moi primordial.

**Léiwer Kaffi oder Téi?**
**Êtes-vous plutôt café ou thé ?**



Kaffi.
Café.

**Léiwer Béier oder Wäin?**
**Êtes-vous plutôt bière ou vin ?**


Wäin.
Vin.

**Léiwer séiss oder salzeg?**
**Êtes-vous plutôt sucré ou salé ?**

Séiss-sauer.
Aigre-doux.

**Léiwer Wanter oder Summer?**
**Préférez-vous l'hiver ou l'été ?**

Summer.
L'été.



**Léiwer Pizza oder Sushi ?**
**Êtes-vous plutôt pizza ou sushi ?**

Pizza.

**All Sprooche schwätze kënnen oder Zäitreese kënnen?**
**Savoir parler toutes les langues ou bien pouvoir voyager dans le temps ?**

Zäitreesen.
Voyager dans le temps.

**Halloween oder Feltesdag?**
**Préférez-vous Halloween ou la Saint Valentin ?**

Weder nach. Mee gutt, bei Feltesdag sinn ech net deen eenzegen deen decidéiert.

Ni l'un ni l'autre, mais bon, en ce qui concerne la Saint Valentin, je ne suis pas seul à décider.

**Liblingsfilm?**
**Quel est votre film préféré ?**




Forrest Gump.

**Liblingsbuch?**
**Quel est votre livre préféré ?**

Schwiereg Fro, do ginn et der méi. Ech géif awer hei elo mol „Der Prozess - Franz Kafka" oder „Le petit prince Antoine de Saint-Exupéry" nennen.

Question difficile, car j'en ai plusieurs. Je choisirais quand même "Le procès" de Franz Kafka, ou bien "Le petit prince" d'Antoine de Saint-Exupéry.



# **Merci** Guy

De Guy Pettinger (LSAP) dee jeeweils vun 2005 bis 2011 a vun 2017 bis Oktober 2021 de Posten vum Buergermeeschter an der Gemeng Stengefort bekleed huet, huet am September 2021 seng Demissioun als Buergermeeschter matgedeelt.

Am Laf vu sengen Déngschtjoeren huet hie vill Projete realiseiert a sech mat Häerz a Séil fir d'Bierger vun der Gemeng Stengefort an däre Wuelbefannen agesat. Ënner senger Fiederféierung si virun allem am Sozialen, der Kannerbetreiung souwéi am Ëmweltberäich eng Rei wichteg Akzenter gesat ginn déi d'Bild vun der Gemeng nobaussen nohalteg gepräägt hunn. Ganz ophale kënnt fir hien awer nach net a Fro an esou bleiwt de Guy Pettinger weiderhi Conseiller am Stengeforter Gemengerot.

Monsieur Guy Pettinger (LSAP) a occupé le poste de bourgmestre de 2005 à 2011 et de 2017 à octobre 2021, ayant remis sa démission en tant que bourgmestre de la commune de Steinfort en septembre 2021.

Au cours de ces années de service à la tête du Collège des bourgmestre et échevins et du Conseil communal, Monsieur Guy Pettinger a contribué à la réalisation de bon nombre de projets et s'est engagé de tout cœur pour ses concitoyens et leur bien-être. Sous sa dynamique, l'accent a été mis sur certains domaines prédominants, tels que le social, la petite enfance et l'environnement, qui ont marqué de leur empreinte l'image de la commune aux yeux de tous. Le politicien récemment retraité n'a cependant pas l'intention de mettre définitivement un terme à sa carrière politique, car malgré son retrait en tant que bourgmestre, il reste membre du Conseil communal de la commune de Steinfort.


















Zanter 1997 Member
am Stengeforter Gemengerot.

Depuis 1997 membre
du conseil communal de la
commune de Steinfort.









Tageblatt
Dienstag, 28. Juni 2011 • Nr. 148

Pausenhof, „Préau" und didaktischer Garten bei der Steinforter Zentralschule eingeweiht

# Kinderfreundlich konzipiert

Nach einer längeren Planungsphase und etwas Kritik im Gemeinderat konnte der neu gestaltete Außenbereich der Steinforter Zentralschule kürzlich in Anwesenheit von Unterrichtsministerin Mady Delvaux-Stehres offiziell seiner Bestimmung übergeben werden.



Foto: Albert Metzger

Das Durchtrennen der Trikolore war der Startschuss für einen ausführlichen Rundgang

**STEINFORT** - Neben der Ministerin wohnte dem offiziellen Akt auch „Objectif Plein Emploi"-Präsident John Castegnaro bei, denn der zum Projekt gehörende Schulgarten ist vom Steinforter „Centre d'initiative et de gestion local", kurz CIGL, angelegt worden. Nach dem Durchtrennen der Trikolore erfolgte ein ausführlicher Rundgang.

## Weniger Asphalt, mehr Grünflächen ...

Neben diversen Freizeitgeräten und dem dort optimal integrierten Multi-Sportplatz verfügt der neu gestaltete Außenbereich auch über ein kleines Amphitheater, in dem Lesungen und Theatervorstellungen stattfinden können. In dem bereits erwähnten Schulgarten haben Schüler und Lehrer unter der Anleitung der Spezialisten von „Kalendula" Obst, Gemüse und Gräser angepflanzt.

Zur Feier des Tages trugen die Zweitklässler von Lehrerin Nadine Baustert ein kleines Liedchen mit dem Titel „Ech hunn ee klenge Problem a mengem Gaart" vor, das mit viel Applaus honoriert wurde.

Bürgermeister Guy Pettinger ging in seiner Ansprache kurz auf die Umsetzung des 550.000 Euro-Projekts ein, das in der Gemeinderatssitzung vom 5. Februar 2009 mehrheitlich votiert worden war.

Durch die Verlegung einer neuen Wasserleitung auf einer Länge von 250 Metern und Stromkabeln auf einer Länge von 1.800 Metern, die Erneuerung der öffentlichen Beleuchtung und des Kanalnetzes mit direktem Anschluss an das Blockheizkraftwerk usw. habe sich die Fertigstellung enorm verzögert. Pettingers Dank galt der zuständigen Landschaftsarchitektin Maja Devetak und sämtlichen beteiligten Firmen für die geglückte Umgestaltung.

Die beiden Ehrengäste, Mady Delvaux-Stehres und John Castegnaro, hatten besonders Gefallen am Schulgarten. Ihnen wurde passenderweise ein prall gefüllter Gemüsekorb geschenkt. M.A.

INFO www.kalendula.lu



*Eine Platane wird kommende Generationen an den Amtsantritt von Guy Pettinger erinnern* (Photo: Coryse Muller)

Steinfort / Kleinbettingen

## Gewählte kamen zu Ehren

### Ovationen für Jean Asselborn, Guy Pettinger, Gisèle Gelz-Helbach, Marianne Dublin-Felten und Camille Stockreiser

Auf Initiative der Vereinsentente wurden am vergangenen Freitag der ehemalige Bürgermeister Jean Asselborn zu seiner Ernennung zum Vizepremier- und Außenminister, sein Nachfolger im Bürgermeisteramt, Guy Pettinger, die neue Zweite Schöffin Gisèle Gelz-Helbach, die Gemeinderätin Marianne Dublin-Felten und Camille Stockreiser zu seiner Nominierung zum Ersten Schöffen der Gemeinde Steinfort geehrt.

Unter den Klängen der Harmonie Kleinbettingen und der Fanfare Steinfort wurden die Feiern mit einem Festzug von Delegationen der lokalen Vereinigungen und Gemeinderatsmitglieder eingeleitet.

Zu Ehren des neuen Gemeindevorsitzenden wurde eine Platane mit einer Erinnerungstafel im Vorgarten von Guy Pettinger gepflanzt.

Ein weiterer Festzug führte die neuen Mandatsträger vom Rathaus in Steinfort zum Kulturzentrum „Roudemer".

Beim anschließenden Empfang hieß Guy Laroche, Präsident der Vereinentente, Gäste und Ehrengäste willkommen. In seiner Festrede strich Guy Laroche die Verdienste des langjährigen „Députémaire" Jean Asselborn hervor, der ununterbrochen während 24 Jahren die Geschicke der Gemeinde Steinfort leitete, und wünschte ihm zum Wechsel von der kommunalpolitischen zur weltpolitischen Bühne viel Erfolg. Stellvertretend für die lokalen Vereinigungen übermittelte er anschließend den vier neuen kommunalen Mandatsträgern die besten Glückwünsche bei ihrer verantwortungsvollen Aufgabe.

Rückblickend auf die politische Laufbahn würdigte Bürgermeister Guy Pettinger in seiner Laudatio die Verdienste seines Vorgängers und Lehrmeisters Jean Asselborn und versicherte in seiner neuen Verantwortung, die vier Sektionen der Gemeinde Steinfort gerecht und mit dem nötigen Fingerspitzengefühl zu leiten. c.m.



Tageblatt
Dienstag, 17. Mai 2011 • Nr. 115

„Maison relais" in Steinfort feierlich eingeweiht

# Modern und kinderfreundlich



Foto: Albert Metzger

Gleich zwei Minister nahmen an der offiziellen Einweihung teil

**STEINFORT** - Der französische Begriff „Maison relais pour enfants" bezeichnet offene Tageseinrichtungen, die Kinder möglichst flexibel außerhalb der Schulzeiten aufnehmen.

In Anwesenheit von Familienministerin Marie-Josée Jacobs, Außenminister Jean Asselborn sowie von Bürgermeister Guy Pettinger samt Mitgliedern des Schöffen- und Gemeinderats wurde die schmucke Einrichtung offiziell eingeweiht.

Nach dem Durchtrennen der Trikolore konnten sich die Anwesenden beim Rundgang durch die Räumlichkeiten von der Qualität, dem Komfort und dem breit gefächerten Angebot für die Kinder zwischen drei und zwölf Jahren überzeugen.

## Spaß und Freude ...

Hier sind die Mädchen und Jungs auch außerhalb der Schulstunden gut aufgehoben. In diesem abwechslungsreichen Umfeld werden ihre Interessen geweckt und ihre Fähigkeiten ausgebaut. Eine gesunde Ernährung rundet das Angebot der Kindertagesstätte ab.

In den hellen Räumlichkeiten erhalten die Kids eine qualitativ hochwertige erzieherische Begleitung, Spaß und Freude sollen an der Tagesordnung sein. Die berufstätigen Mütter und Väter erhalten hier die notwendige Unterstützung, um den häufig stressigen Alltag zu meistern.

Das Gebäude, für 150 Kinder konzipiert, beinhaltet zudem drei Schulsäle für den Zyklus 1. Es ist umweltfreundlich gestaltet und kostet stolze 8,7 Millionen Euro, der Staat beteiligt sich mit 2,3 Millionen Euro. Die Gesamtfläche der neuen „Maison relais" beträgt 2.584 $m^2$, das Bauvolumen 12.500 $m^3$. Die Beheizung erfolgt durch eine Kogenerationszentrale.

M.A.

# Die Rückkehr des Guy Pettinger

## LSAP und „Déi Gréng" bilden Koalition in Steinfort

**Steinfort.** Guy Pettinger (LSAP) wird wieder Bürgermeister der Gemeinde Steinfort. Die sozialistische Partei hat am Mittwochabend ein Koalitionsabkommen mit „Déi Gréng" unterschrieben.

Während die LSAP bei den Wahlen am Sonntag ihre fünf Sitze verteidigen konnte und damit stärkste Partei in Steinfort bleibt, konnten „Déi Gréng" bei ihrem ersten Antritt in der Gemeinde sofort einen Sitz ergattern.



*Guy Pettinger*

Der Schöffenrat wird nun neben Guy Pettinger aus Sammy Wagner (LSAP) und Yann Wunsch („Déi Gréng") bestehen.

Guy Pettinger spricht von einer „Genugtuung", nach sechs Jahren Opposition wieder die Geschicke der Gemeinde leiten zu können. Pettinger war bereits von 2004 bis 2011 Bürgermeister. „Allerdings ist dies auch mit sehr viel Arbeit verbunden", betont er.

Währenddessen wird der amtierende Bürgermeister Jean-Marie Wirth (CSV) die Oppositionsbank drücken müssen. Seine Partei hat einen Sitz verloren und behält damit vier. Ebenfalls in die Opposition muss ihr Koalitionspartner, die DP, die trotz einem Verlust von 6,3 Prozente ihren Sitz verteidigen konnte.

In **Rümelingen** dürfte es hingegen noch ein bisschen dauern, bis eine neue Koalition steht. Am Mittwoch hat ein Sondierungsgespräch zwischen den beiden großen Parteien, LSAP (fünf Sitze) und CSV (vier Sitze) stattgefunden.


Ein Katalog mit den Divergenzpunkten werde jetzt aufgestellt, erklärte der amtierende Bürgermeister Henri Haine (LSAP) gestern auf Nachfrage. Diese seien aber nicht unüberwindbar, unterstrich seinerseits CSV-Spitzenkandidat André Theisen. Unter den Knackpunkten befindet sich zum Beispiel die Standortfrage für einen Ausbau der „Maison relais".

### CSV erwägt Zusammenarbeit mit der KPL

Parallel dazu führen die beiden Parteien aber auch Gespräche mit der KPL und der DP (jeweils einen Sitz). Einer CSV-DP-KPL-Koalition, die die LSAP ausschließen würde, steht die CSV offen gegenüber, so André Theisen.

Allerdings scheint diese Parteienkonstellation schlechte Karten zu haben. So erklärte KPL-Ratsmitglied Ed Peiffer gestern, dass seine Partei eine Zusammenarbeit mit der DP ausschließen würde. Dementsprechend dürfte die LSAP am längeren Hebel sitzen.

Wie Bürgermeister Henri Haine weiter erklärte, will die LSAP erst Sondierungsgespräche mit allen drei Parteien führen. Die Resultate sollen der Parteibasis auf einer Generalversammlung am Mittwoch vorgestellt werden. Hier soll entschieden werden, mit welcher Partei Koalitionsgespräche geführt werden sollen. *na*



# „Am Puls der Menschen"



Trikolore-Schleife: anlässlich der gestrigen Einweihung

François Besch

**Am gestrigen Nachmittag wurde im Beisein zahlreicher Ehrengäste die neue psycho-geriatrische Tagesstätte, die Ende November 2005 den Betrieb aufnahm, offiziell eingeweiht.**

Foto: Albert Metzger

Spatenstich zur „Maison relais" in Steinfort

# Für soziale Kohärenz

Neue Betreuungsstruktur wird voraussichtlich 2009/2010 öffnen



La commune a aussi un projet de grande envergure en collaboration avec les communes de Hobscheid, Koerich, Garnich, Mamer et Steinfort: une zone artisanale à Grass.

Elle attend pour cela et ce, depuis plusieurs années, l'autorisation ministérielle. Après maints pourparlers, il a été convenu de créer un syndicat avec les communes avoisinantes dans cet objectif. La zone est prévue pour accueillir les petites entreprises des communes. Une extension de la zone artisanale de Windhof est aussi à l'étude, mais des problèmes de propriété et de trafic freinent le projet.

Des travaux d'infrastructure sont en cours. Deux rues restent à raccorder au réseau de gaz naturel à Hagen. Les efforts principaux portent particulièrement sur le village de Kleinbettingen pendant les années à venir.

Un dossier un peu spécial et sur lequel Steinfort se distingue: elle est une des rares communes luxembourgeoises à gérer son réseau électrique. Le 1er juillet sera une date clé qui marquera la libéralisation de l'électricité, selon les directives européennes pour tous les consommateurs. Pour cela, la commune a créé, à participation égale avec Cegedel, la société Steinergy. Cette dernière prend en charge le volet commercial, l'achat et la vente de l'électricité. Reste à trouver une solution en ce qui concerne les réseaux, la possibilité de créer un réseau national est évoquée. En attendant, les responsables communaux sont en pourparler avec Cegedel Net pour monter une société pour la gestion du réseau.

Guy Pettinger



# EXPOSITION

# DERRIÈRE LES CHIFFRES, UNE PREMIÈRE AU LUXEMBOURG

A l'occasion de la Journée internationale des femmes, le 8 mars, la commune de Steinfort a organisé, en collaboration avec la « Commission sociale et d'égalité des chances » et le Foyer Sichem de la Fondation Maison de la Porte Ouverte, une exposition intitulée « Derrière les chiffres » qui est consacrée au thème de la violence conjugale.

Cette exposition, qui est une première au Luxembourg, montre des portraits en noir et blanc réalisés par l'autrice et l'illustratrice lyonnaise Fanny Vella en collaboration avec le collectif Nous Toutes Lyon. Ayant elle-même vécu cette violence, elle se consacre à ce sujet afin de donner un bel hommage aux femmes qui sont mortes suite de violences conjugales et pour sensibiliser.

Parce que les féminicides ne devraient pas être résumés à de sombres et froides statistiques, Fanny Vella a décidé de redonner, après un échange avec les familles et les amies des victimes, un prénom, un visage et une histoire à ces femmes dont les passions, les manies et les joies ont été brutalement interrompues par les mains d'un assassin. Des dessins magnifiques et poignants qui, avec émotion et dignité, nous rappellent toute l'humanité des victimes.

Une exposition très touchante, mais aussi inspirante qui fera vivre un moment émouvant. Nous sommes convaincus que ce sujet est d'une importance primordiale, particulièrement en cette période difficile de crise sanitaire. Chaque victime est une victime de trop.

C'est ainsi que nous souhaitons faire passer le message que si vous êtes victime de violence domestique et que vous vous sentez désespéré, vous n'êtes pas obligé de traverser cette période difficile tout seul. Le ministère a mis en place le site spécifique **www.violence.lu** ainsi que la ligne d'assistance 2060 1060.

En date du vendredi 12 mars 2021 la Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes Taina Bofferding s'est rendue à la Villa Collart pour visiter l'exposition en présence du Collège des bourgmestre et échevins de la commune de Steinfort.

Une **visite virtuelle** de l'exposition est disponible sur notre site : *https://www.steinfort.lu/citoyens/egalite-des-chances/exposition-derriere-les-chiffres*





OEUVRES RÉALISÉES PAR FANNY VELLA














Derrière les chiffres...
Léa
ELLE ADORAIT LE DESSIN
ELLE ÉTAIT TRÈS MATURE POUR SON ÂGE
ELLE ÉTAIT CULTIVÉE, FRANCHE ET BELLE
ELLE ADORAIT SE POMPONNER
ELLE VOULAIT DEVENIR AVOCATE OU MANNEQUIN
ELLE PASSAIT SON TEMPS À TOUT PHOTOGRAPHIER
C'ÉTAIT UN MODÈLE POUR SA SOEUR
ELLE DORMAIT TOUJOURS À L'ENVERS DANS SON LIT
ELLE AVAIT TOUJOURS DES GÂTEAUX AU CHOCOLAT À PORTÉE DE MAIN
battue par son copain elle a mis fin à ses jours le 15 octobre 2019 à l'âge de 14 ans
«Je n'ai pas trouvé le courage de le dénoncer, je l'aime malgré tout et je n'ai pas trouvé d'autre solution pour avoir enfin la paix.»
@noustouteslyon


Derrière les chiffres...
Ghylaine
ELLE AIMAIT BEAUCOUP FAIRE DES ACTIVITÉS MANUELLES AVEC ELLE SA FILLE.
ELLE ÉTAIT UNE SECONDE MAMAN POUR SON NEVEU GUILLAUME
ELLE ADORAIT SA FILLE CLOÉ
ELLE AIMAIT LA MUSIQUE DES ANNÉES 80
C'ÉTAIT UNE AMIE LOYALE ET FIDÈLE
ELLE AIMAIT PRENDRE SOIN D'ELLE ET DES AUTRES
ELLE AIMAIT TOUT SIMPLEMENT LA VIE ET SORTIR AVEC SES AMIS
ELLE ÉTAIT PASSIONNÉE PAR LES SOINS ESTHÉTIQUES
ELLE AVAIT UN PETIT CÔTÉ CLOWN ET AIMAIT BEAUCOUP FAIRE RIRE
ELLE ÉTAIT LA PETITE DERNIÈRE DE 4 ENFANTS ET TRÈS PROCHES DE SA FAMILLE
Le 24 septembre 2017 elle a été immolée, chez elle, par son compagnon, en présence de leur petite fille âgée de 7 ans.
























# Nationalfeierdag 2021

D'lescht Joer gouf fir den Nationalfeierdag eng kleng Zeremonie a Presenz vun de Membere vum Gemengerot an de Vertrieder vun de lokale Veräiner ofgehalen. Dat den 22. Juni 2021 um 21:00 Auer am Kulturzentrum „an de Keeseminnen" zu Stengefort.

Fir de musikaleschen Encadrement haten d'Harmonie Kleinbettingen asbl an d'Stengeforter Musek gesuergt.

Am Kader vun dëser Feier gouf ganz besonnesch un déi Leit geduecht déi de Kampf géint de Virus verluer hunn, sou wéi och un déi déi duerch dës Erkrankung kierperlech oder séilesch Schied dervu gedroen hunn.

E grousse Merci goung un déi Leit, déi wärend dëser Pandemie u viischter Front stoungen, virun allem dem Personal aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur, dem CGDIS, der Police, dem Léierpersonal, den Educateuren/tricen an allen aneren déi dozou bäigedroen hunn datt eise gesellschaftleche System net zesummegebrach ass.

Op Nationalfeierdag ginn traditiounsgeméiss verdéngschtvoll Leit ausgezeechent. Deementspriechend huet de Schäfferot de Benevollen aus der Gemeng Merci gesot déi wärend der Kris eng Hand mat ugepackt hu fir de vulnerabele Leit ze hëllefen.

Stellvertriedend fir all déi Leit déi gehollef hu goufen déi 2 Scoutsveräiner Stengeforter Deckelsmouken an Stengeforter Guiden a Scouten Ste Bernadette/ St. Hubert aus der Gemeng fir hiert exemplarescht Engagement geéiert.

Well d'Plaze limitéiert ware gouf d'Zeremonie live iwwerdroen.

Musique au PARC à Steinfort



LOS FIGAROS 30.05.21






KEVIN HEINEN 20.06.21



# MUSEK AM PARK 2021

**Enn Mee bis Enn Juni 2021 hat d'Gemeng Stengefort all Sonndeg op e puer flott kleng gratis Concerten zu Stengefort am Park hannert dem Gemengenhaus invitéiert.**



SAXITUDE 13.06.21



FUN BRASS BAND 06.06.21





HUNNEG-STRËPP 27.06.21





14. - 17. MEE 2021

# KLENGBETTENER KIERMES













16. - 19. JULI 2021

# STENGEFORTER KIERMES











# AKTIKULTI



**Konschtausstellung am Summer 2021**
**zu Stengefort am Park**

Ënnert dem Titel Impf-Stoff huet Aktikulti a.s.b.l ënnert dem Patronage vun der Gemeng Stengefort an zesumme mat de Bierger eng flott Ausstellung ënner fräiem Himmel an d'Liewe geruff.

**E Liichtbléck an engem schwéiere Moment schafen.**

D'Zil vun döser Ausstellung déi iwwert de Summer 2021 gratis am Park hannert dem Gemengenhaus konnt besicht gi war et e klenge Liichtbléck an döser dach éischter däischterer Zäit vun der Pandemie z'offréieren. D'Initiativ e flotte Projet z'organiséieren ass vum Marianne Dublin-Felten, der deemoleger Presidentin vun der Chancëgläichheetskommissioun an dem Annemie Elsen, Presidentin vun der Aktikulti a.s.b.l ausgaangen. Si hunn zesumme mat der ganzer Ekipp vun Aktikulti a.s.b.l e Konzept ausgeschafft fir d'Konscht mat dem Soziokulturellen an dem Intergenerationellen ze verbannen. All Dag koumen nei Iddie bäi an esou ass de Park lues a lues aus dem Dornröschenschlof erwächt an ëmmer méi faarweg ginn.


Vill verschidde Materialien ewéi Woll, Filz, Schnéier a Stoff koumen an den Asaz. Aus döse goufe Lampionen an Dramfänkerten entworf, Beem a Pottoe faarweg agewéckelt an op der Bréck am Park ass ee wonnerschéine Reebou entstanen. An all Konschtwierk hu vill Stonnen Aarbecht, wou mat Léift zum Detail dru geschafft ginn ass, gestach.




































D'Aktikulti a.s.b.l hat iwwert en Opruff jiddereen hei am Ländchen agelueden, un dem Projet deelzehuelen,Workshops goufen organiséiert a Wierker goufen doheem oder op der Plaz erstallt. Op Grouss oder Kleng, jidderee konnt matmaachen.

D'Memberen aus der Chancëgläichheetskommissioun, der Drëttalterskommissioun an der Integratiounskommissioun grad sou wéi d'Stengeforter Spidol, d'Scouten, d'Maison Relais an d'Schoul haten eng Hand mat ugepack, awer och aus aneren Gemengen hu vill Leit an Associatiounen participéiert fir esou de Stengeforter Park an d'Gemengeplaz an eng interessant Galerie/Ausstellung fir Grouss a Kleng ze verwandelen.

Bis Enn August konnten d'Bierger/Biergerinnen sech bedeelege an d'Zesummeliewen an d'Diversitéit an der Gemeng symboliséieren andeems si e Wonsch op eng Fletsch geschriwwen hunn, déi an de „Wonschbeem" op der Gemengeplaz opgehaange goufen, fir esou seng Gedanken op eng kënschtleresch Aart a Weis festzehalen. D'Fletschen goufe vum Maeva gebitzt. Him dofir e grousse Merci.

**D'Gemeng seet Merci!**

Merci un all déi Leit déi mat hire flotten Iddien an hirer Kreativitéit gehollef hunn dëse Projet ëmzesetzen, ganz besonnesch un d'Aktikulti A.S.B.L, déi d'lescht Joer hiert 20 järegt Bestoe gefeiert huet a sech zur Aufgab gemaach huet dass kreativ a sozial Konschtprojeten an der Natur entstinn.

*www.aktikulti.lu*

AKTIKULTI ...SUIVEZ LES FLÈCHES





La 1ère édition du « Summer um Weier » en août 2021, dont le but était d'encourager le vivre ensemble au sein de notre commune, a été un énorme succès.


Avec son programme musical et culturel riche et diversifié, son ambiance conviviale et son large éventail d'activités pour les enfants, le « Summer um Weier » promettait de bons moments de détente et d'amusement.

Ce fut l'occasion à ne pas manquer, de profiter des journées ensoleillées en famille ou entre ami.e.s. Suite à ce grand succès, les responsables politiques ont décidé d'organiser une 2ème édition en 2022.




























Déi 1. Editioun vum Summer um Weier am August 2021 war e grousse Succès. D'Zil vun dësem Event war et d'Zesummenliewen an der Gemeng ze stäerken.

Dank engem ofwiesslungsräiche musikaleschen a kulturelle Programm a gesellegem Kader an de villen Aktivitéite fir d'Kanner, huet de Summer um Weier fir gemittlech an amusant Momenter gesuergt.

Eng flott Initiativ fir jiddereen, deen zesumme mat senger Famill oder Frënn vun de sonnegen Deeg profitéiere wollt. Wéinst dem grousse Succès, hunn déi politesch Responsabel decidéiert eng 2. Editioun am Joer 2022 ze lancéieren.






# NO 30 JOER:

## DEN NICO KAUFMANN HUET ALS PRESIDENT VUN D

Enn Mee hat d'Harmonie Klengbetten hir Memberen an Éieregäscht op d'Generalversammlung an de neie Centre Culturel "An de Keeseminne" zu Stengefort invitéiert.

De President Nico Kaufmann huet a senger Usproch op e méi ongewéinlecht Joer zréckgebléckt, wou d'Musek awer trotz den bekannten Ëmstänn net inaktiv war. Am ausféierleche Joresbericht, dee vun de Sekretärinne Linda Quaring a Jil Thurmes mat Fotoe presentéiert gouf, war ze gesinn, dat d'AwunnerInnen et begréisst hunn dat d'Musek fir d'Kiermes den Hämmelsmarsch gespillt huet an am Juni/ Juli op verschidde Quartiersconcerten invitéiert hat. Leider goufen et awer och Annulatiounen, sou gouf beispillsweis den Theater, den Dag virun der Première ofgesot an et gouf leider och keen Dag um Weier oder Show-Concert am November.

Wéi all Joer huet och d'Keessjee, Lydie Mayer, een Iwwerbléck iwwert d'Finanze vun 2020 an eng budgetär Previsioun fir 2021 presentéiert.

Sou wéi de President Nico Kaufmann et 2020 ugekënnegt hat, ass hien no 30 Joer als President aus dem Comité zréckgetrueden. Mat Standing Ovations, léiwen a witzegen Anekdoten a Wierder sou wéi undauerndem Applaus gouf him villmools Merci gesot fir all seng Aarbecht a säin Engagement als President déi lescht 30 Joer. Den Nico Kaufmann ass och zum Éierepresident vun der Musek genannt ginn. Och op dëser Plaz soe mir him nach eng Kéier e grousse Merci fir seng wonnerbar Aarbecht. De längere Comités-Member a Fähnerech, Serge Wagner, huet sech och aus dem Comité zréckgezunn.

Dës 2 Plaze goufen awer och direkt nei besat, mam Jeff Kaufmann an dem Paul Kugener, déi hir Kandidatur gestalt haten an unanime vun der Generalversammlung ugeholl goufen. De Comité setzt sech elo folgendermoossen zesummen:

- President: Jeff Kaufmann
- Vize-President: Guy Karier
- Sekretärin: Linda Quaring
- Sekretärin adjointe: Jil Thurmes
- Keessjee: Lydie Mayer
- Memberen: Mike Donven, Danny Druart, Aly Frantz, Paul Kugener, Michelle Sier, Marie-Paule Thiry



Den deemolege Buergermeeschter Guy Pettinger huet dem Nico Kaufmann a senger Usproch och e grousse Merci ausgeschwat. Hien huet et och begréisst dat d'Musek, sou bal et méiglech war, erëm aktiv ginn ass an hinne weiderhin d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesprach.

Leider konnt d'Generalversammlung net ewéi gewinnt mat engem Iessen ofgeschloss ginn. Dëst gouf awer mam Regime Covid-Check Mëtt Juli mat enger klenger Grillfeier nogeholl.



# L DER KLENGBETTENER MUSEK OPGEHALEN.











(CR) (FOTOS: JIL THURMES)

(CR) (FOTOS: HARMONIE KLENGBETTEN)



















# En DAG bei der BAACH

ZU STENGEFORT







## 4. & 5. September 2021

De 4. a 5. September 2021 war et endlech erëm esou wäit - „En Dag bei der Baach“ zu Stengefort. Den traditionelle Maart mat sëllegen Handwierks- a Kënschtlerstänn war dës Kéier, opgrond vun den Aarbechte beim Weier, an den neie Park bei der Villa Collart geplënnert. E neie Setting, mee mat dem nämmlechten Esprit.

Samschdes goung et um 17 Auer lass an d‘Moselle Valley Brass Band huet fir gutt Stëmmung gesuergt. Sonndes gouf och een ofwiesslungsräich musikalescht Encadrement gebuede mam Jean Ziata, dem David Hoffmann Trio (Jazz) an Drop & Dowidder (Brass).

Fir Grouss a Kleng gouf et Zauberei a Kartentricker mam Emma Schütz, esou ewéi e Zirkusworkshop mat Animatrix.

Natierlech gouf et och erëm e „faulen Eck“ mat enger Cocktailbar, sou ewéi Kniddelen, Chili, Gegrills an Eisekuchen.

Dëst Evenement gouf organiséiert vun der Klengbettener Musek an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Stengefort ënnert dem Covid-Check Regime.








UM MAART
BEIM KACH

























# NEUIGKEITEN AUS DER INTEGRATIONS-KOMMISSION (CCCI) STEINFORT - 8/2021



**Für unsere Gemeinde ist die Integration eine der Hauptprioritäten. Die Integrationskommission unterstützt dabei mit Ideen und Initiativen.**

**Wie in allen Bereichen hat Corona auch große Auswirkungen auf alle Aktivitäten und Projekte, die sich dem Ziel der Integration verschrieben haben.**

## „SPROOCHECAFE"

So musste unser „Sproochecafé" bereits ins Internet umziehen, um dort allen Interessierten weiterhin die Möglichkeit des Austauschs auf Luxemburgisch zu ermöglichen. Mit großer Freude haben wir die Erfahrung gemacht viele Menschen aus der Gemeinde, dem Umland aber auch der Welt zusammengebracht zu haben. Teilnehmer aus Frankreich, England aber auch den USA haben unseren Austausch bereichert und für interessante Erkenntnisse und neue Perspektiven gesorgt.

Nachdem wir nun wieder die Chance haben uns persönlich zu begegnen ist unser „Sproochecafé" seit September in die „Al Schmelz" zurückgekehrt. **Wir laden alle Interessierten jeden zweiten Donnerstag im Monat ein.** Die Sprachkenntnisse sind uns nicht wichtig, was jedoch zählt ist die Freude am Neuen, am sich Kennenlernen, an der unbeschwerten Kommunikation und der Spaß.





Foto: Veronique Ducarme

**Iwwer d'Integratiounskommissioun**

Mëtt 2018 ass d'Integratiounskommissioun fir d'éischt vum neie Schäfferot convoquéiert ginn. Dës Kommissioun ass obligatoresch, entspriechend dem Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg, Nummer A-N°237, an heescht Commission Communale Consultative d'Intégration (CCCI).

D'CCCI besteet aus 18 fräiwëllege Bierger a Biergerinnen, déi sech als Zil setzen, fir iwwer d'Integratioun an d'Inclusioun an eiser Gemeng nozedenken, Propose souwéi Projeten auszeschaffen an de Gemengeverantwortlechen dozou nei Denk- an Handlungs-Ustéiss ze ginn.

Eise Fokus ass d'Integratioun weider ze stimuléieren, am Respekt vun der Diversitéit -sief dat a Punkto Nationalitéit, Geschlecht, Kultur, sexueller Orientatioun, Relioun oder Alter.

# EINE SCHNITZELJAGD FÜR DIE INTEGRATION UNSERER GEMEINDE

Herzenswunsch der Integrationskommission ist es dem Europatag feierlich zu begegnen. Doch die Einschränkungen der Pandemie haben auch hier unsere Bemühungen bisher erschwert.

**In diesem Jahr haben wir aber aus einer neuen Idee ein spannendes Projekt entwickelt und anstatt einem Europatag einen Integrations-Monat Mai ins Leben gerufen.**

Die Idee einer **Schnitzeljagd** für die Integration wurde geboren und umgesetzt. Unsere 4 Dörfer Grass, Hagen, Kleinbettingen und Steinfort wurden eingebunden.

An verschiedenen Orten wurden Fragen versteckt mit Hinweisen und Rätsel über unsere Gemeinde, deren Antworten zur Lösung geführt haben.

Im Vordergrund standen das Zusammenbringen und Entdecken der 4 Ortschaften, das Kennenlernen und die Begegnung der Bürger sowie Bewegung an der frischen Luft.

Obwohl das Wetter uns im Mai mit Sonne und Wärme nicht besonders verwöhnt hat, haben sich viele Entdecker auf den Weg gemacht und die Lösung an allen Standorten gesucht und gefunden.

Unter den eingegangenen Antworten wurden 4 Gewinner ausgelost und am 8. August 2021 während des Fairtrade – Frühstücks mit einem kleinen Preis ausgezeichnet. Für alle Teilnehmer gab es einen Trostpreis in Form eines 10l-Bio-Abfalleimers.

**Wir freuen uns auf weitere neue spannende Projekte und Initiativen die wir zusammen realisieren können. Anregungen, Ideen, Feedback bitte an Sophie Goeders (per Telefon 399313-219 oder per E-Mail sophie.goeders@steinfort.lu) melden.**

*Text: Markus Imiolczyk*

# LOKALCHRONIK

mat wichtegen an och manner wichtegen
lokalen, nationalen an internationalen Neiegkeeten.

Syndicat d'Initiative
Steinfort

Zesummegestallt vum Syndicat d'Initiative.
Geschriwwe vum Nico Thill.

**JUNI**
**JULI**
**AUGUST**
**SEPTEMBER**
2020

**OKTOBER**
**NOVEMBER**
**DEZEMBER**
2020

!

FIR INTERESSÉIERT AWUNNER
**DIR KËNNT D'LOKALCHRONIK N°109 & 110 WÄHREND DEN ËFFNUNGSZÄITEN AN D'GEMENG SICHE KOMMEN.**

AVIS AUX INTÉRESSÉS
**VOUS POUVEZ RÉCUPÉRER LA « LOKALCHRONIK » N°109 & 110 PENDANT LES HEURES D'OUVERTURE À LA MAISON COMMUNALE.**

# Billerwee

Nous sommes très fiers qu'en été 2021 nous avons réussi à finaliser noter nouveau projet: BILLERWEE

Ce chemin des images doit vous offrir, citoyen.ne.s de la commune de Steinfort, une plateforme sur laquelle vous pourrez exposer vos œuvres très facilement sur le thème de #mirsistengefort.

Les photos exposées seront affichées ici pendant quelques mois et seront régulièrement remplacées par de nouvelles œuvres ou d'autres projets participatifs.

Une exposition créée par vous POUR vous.





**Souhaitez-vous afficher VOTRE photo sur l'un de ces panneaux ?**

**Alors publiez-la sur les réseaux sociaux avec l'hashtag:**

## #mirsistengefort

**Ou envoyez-la par courriel à la commune de Steinfort: service-pr@steinfort.lu**



Le support de cette exposition a été créé à partir de palettes recyclées fournies par des entreprises locales.

# GROUSS BOTZ STENGEFORT 2021

## #MIRHALESTENGEFORTPROPPER #GROUSSBOTZ



